LSAP

UNION DES SYNDICATS
OGBL-LCGB

**Pressecommuniqué**

**Union des syndicats OGBL – LCGB an LSAP**

# De Sozialmodell stäerken, fir Sozialofbau ze verhënneren

**De Lëtzebuerger Sozialmodell reaniméieren**

Den 12. September 2025 huet sech d'LSAP mat der Union des syndicats OGBL - LCGB getraff, fir den Echec vun der leschter Sozialronn ze analyséieren, wou keen Accord fonnt gouf.

Déi vun der Regierung organiséiert Sozialronne waren eng Farce, well d'Resultat vun de sougenannte Verhandlunge vu virera vun der Regierung definéiert ginn ass. An dobäi kënnt, datt d'Regierung sech kloer op d'Säit vum Patronat stellt.

Dofir huet d'Union des syndicats sech och aus dem „Comité permanant du travail et de l'emploi" (CPTE) zeréckgezunn. Eng Decisioun, déi d'LSAP wuel bedauert, awer fir déi se vollste Versteesdemech huet.

Elo hoffe mir, datt d'Regierung an d'Quadripartites-Verhandlungen, déi sech elo ukënnegen, mat méi Dialog- a Kompromëssbereetschaft erageet, wéi an d'Sozialronnen. A Punkto Gesondheet däerf kee Sozialofbau a keng Verschlechterunge bei de Prestatiounen zougelooss ginn.

Wéi schonn an der Vergaangenheet wäerten d'Union des syndicats an d'LSAP weiderhin am reegelméissegen Austausch stoen an enk zesumme schaffen. Fir d'Leit, fir d'sozial Kohäsioun a fir de soziale Fortschrëtt.

Zesummen engagéiere mir eis fir e staarkt Aarbechtsrecht, modern Aarbechtszäiten an eng gutt Work-Life-Balance, am Interessi vu Salariéen a Patronat. A mir wieren eis géint all Form vu Verschlechterung vun der Aarbechtszäitorganisatioun a Verwässerung vun de Kollektivverträg.

Eist Land brauch eng Regierung, déi um Sozialdialog op Aenhéicht festhält amplaz Scheindebatten ze organiséieren.

De Sozialdialog an de soziale Fridden am Land mussen nei belieft ginn!

**Lëtzebuerg, den 12. September 2025.**

**Kommunikéiert vun der Union des syndicats OGBL – LCGB an der LSAP.**